PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20/03/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

Aktuell gëtt et op europäeschem Niveau keng Konformitéit wat den Asaz vun enger digitaler Parkscheif ugeet. Eng digital Parkscheif huet en elektronesche Beweegungsmelder integréiert, esou dass wann den Auto ausgemaach gëtt d'Parkzäit sech automatesch astellt. D'Zäit dierf dono net weiderlafen an och net à distance manipuléierbar sinn. An Däitschland, Dänemark an Holland ass esou e Modell ënnert bestëmmte Konditiounen erlaabt, an Éisträich, der Belsch an der Schwäiz zum Beispill verbueden.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Ass den Asaz vun enger digitaler Parkscheif (esou wéi uewe beschriwwen, an net manuell manipuléierbar) zu Lëtzebuerg erlaabt? Falls net, aus wéi enge konkrete Grënn ass den Asaz verbueden?

2. Ginn et Iwwerleeungen dës Reglementatioun kuerzfristeg ze änneren an sech esou och den Nopeschlänner unzepassen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten